

déi *K*onservativ

Pressematdeelung

29.11.2017

Eis Positioun: Fir d'gewerkschaftlech Sozialinteressen!

D'Partei **déi Konservativ** reagiert, op Demande vun der Staatsbeamtegewerkschaft CGFP, per Pressematdeelung op déi aktuell Diskussiounen ëm't de Reformstatus an d'politesch Fuerderungen säitens der Fonction Publique un d'Adresse vun de politesche Parteien an d'Regierung.

Als Partei, bezéie mir eis gären op eis jéngst Pressematdeelung vum 16. November 2017 mam Titel "*Nee fir d'Internationaliséierung vun der Fonction Publique!*", wou mir eis schonns decidéiert, géint d'Opmaache vum öffentlechen Déngscht fir d'Ausländer, ausgeschwat hunn.

D'Reformpunkten dréien allerdéngs och ëm't de sozialpolitesche Charakter vun eiser Fonction Publique: D'Partei déi Konservativ, stellt sech op d'Säit vun de gewerkschaftleche Sozialinteressen, a verlaangt, datt de soziale Charakter am Staatsdéngscht gewort an erhale bleift!

Mir sinn der Meenung, datt d'80/80/90-Regelung eng sozial Diskriminéierung am Staatsdéngscht ass. D'Recht op 100% Pai, muss jiddfer Staatsbeamte garantéiert sinn. Iwwerdeems wëlle mir deene jonken, an neie Beamten, keng Steng an d'Féiss leeë fir eng Karriär am Staatsdéngscht!

Fir ee gesond a soziaalt Aarbechtsklima am öffentleche Staatsdéngscht, ass an eisen Aen, och d'Aféierung vun engem Bewäertungssystem just vu Nodeel. Als Partei sti mir fir d'Vertrauen an d'Kompetenzen, an an d'Professionalitéit vun eiser Fonction Publique!

Mir wëllen d'Staatsbeamtenschaft op kee Fall duerch onseriö Reformen, a kontrovers Experimenten, op d'politesch Prouf stellen!

D'Initiativ fir d'Reform vum Staatsexamen ass ze begréissen.

gezeechent,

déi Konservativ